Entrée le 28.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.09.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 570 / 2023
29 SEP. 2023
A traiter par:
Copie à:

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës <u>dringend</u> parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien, Cultes, Digitalisatioun, Administrativ Reform, Bannenzeg Sécherheet, Aussenugeleeënheeten an Europa, Immigratioun an Asyl, Verdeedegung, Mobilitéit, Bildung, Héichschoul a Fuerschung, Ëffentlechen Déngscht, Landesplanung, Energie, Konsumenteschutz, Kultur, Gläichheet tëscht Fraen a Männer, Interieur, Mëttelstand, Tourismus, Ëffentlech Aarbechten, Gesondheet, Justiz, Wirtschaft, Kooperatioun, Finanzen, Aarbecht, Sport, Sozialversécherung, Landwirtschaft, Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung, Wunnengsbau, Famill an Integratioun & Groussregioun weiderzeleeden.**

Am Walkampfofkommes ass festgehaale ginn, dass Ministeren a Ministeschen an der Ausübung vun hirem Mandat wärend der Period vum Walkampf keng bezuelte Reklammen iwwert Ministèren akafen, déi net direkt eppes mat hiren Informatiouns- an Opklärungsflichten ze dinn hunn. Dëst fir ze evitéieren, dass ëffentleche Steiergelder, déi fir d'Aarbecht vum Ministère geduecht sinn, net fir de Walkampf mëssbraucht ginn. Op Social Media gesäit een aktuell vill gesponsered Bäiträg vun de Ministèren mat Fotoen vun de Ministeren a Ministeschen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Social Media Bäiträg hunn d'Ministèren säit dem 4te September publizéiert an dës mat bezueltener Werbung op de Plattforme gepusht unn?
2. Ëm wéi een Geldbetrag handelt et sech insgesamt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister an Staatsminister, vum Kommunikatiouns a Medieminister, vum Kultusminister, vum Minister fir Digitaliséierung, vum Minister fir d'Verwaltungsreform, vum Minister fir bannenzeg Sécherheet, vum Aussen- an Europaminister, vum Minister fir Immigratioun an Asyl, vum Verdeedegungsminister, vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, vum Minister fir Héichschoul a Fuerschung, vum Minister fir d'Fonction publique, vum Minister fir Landesplanung, vum Minister fir Energie, vun der Ministesch fir Konsumenteschutz, vun der Kulturministesch, vun der Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer, vun der Inneministesch, vum Minister fir Mëttelstand, vum Minister fir Tourismus, vun der Gesondheetsministesch, vun der Justizministesch, vum Wirtschaftsminister, vum Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten, vun der Finanzministesch, vum Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft, vum Sportsminister, vum Minister fir sozial Sécherheet, vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung, vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, vum Wunnengsbauminister, vum Minister fir Famill an Integratioun an vum Minister fir d'Groussregioun op d'parlamentaresch Fro n° 8358 vum 28. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen.**

**Ad 1)**

Zanter dem 4. September hunn 9 Ministèren am Ganzen 89 gepushte Social Media-Bäiträg publizéiert.

Den Informatiounen no, déi der Regierung virleien, ass et wichteg ze präziséieren, datt dës Bäiträg sech op Campagnë vun de Ministèrë bezéien, déi direkt eppes mat hiren Informatiouns- an Opklärungsflichten ze dinn hunn.

**Ad 2)**

Et handelt sech am Ganzen ëm e Geldbetrag vun 13.632,67 Euro HTVA.

Lëtzebuerg, den 30.Oktober 2023.

De Premierminister an Staatsminister

(s.) Xavier Bettel